N°3495
Entrée le 27.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°3495 vum 21. Januar 2026 vun der éierewäerten Deputéierten Madamm Nathalie Morgenthaler iwwert « Problematik an der Kleedersammlung »**

**Wat sinn déi neitsten Entwécklungen an dësem Dossier?**

Nom Erhale vun der Notifikatioun iwwer d'Astelle vun den Aktivitéite vum Prestataire Kolping Lëtzebuerg a.s.b.l., de 16. Dezember 2025, huet d'Ëmweltverwaltung, a Concertatioun mam Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, ouni Verzuch déi betraffen Offallsyndikater informéiert.

D'Ëmweltverwaltung verfollegt d'Efforten déi vun de verschiddenen Offallsyndikater a Gemengen ënnerholl gi fir d'Kontinuitéit vun der getrennter Sammlung vun Textiloffäll op hirem Territoire weider sécherzestellen.

Laut den Informatiounen déi der Ëmweltverwaltung virleien, sinn déi betraffen Offallsyndikater a Gemengen aktuell dobäi, zukünfteg Prestatairë fir d'separat Sammlung vun Textilien ze evaluéieren. Dorënner falen och d'Sous-Traitanten vun der Kolping-Containersammlung, mat deenen Diskussioune lafen, fir bei interesséierte Gemengen dat besteeënd Container-Netzwierk ganz oder deelweis weider ze bedreiwen.

**Wéi eng Léisunge gesäit den Ëmweltminister, fir d'Kleedersammlung weiderhin sécherzestellen, ouni d'Gemengen exzessiv ze belaaschten?**

Dës Fro gouf am Kader vun der question parlementaire n°3492 vum 21. Januar 2026 beäntwert.

**Wéi gedenkt den Ëmweltminister d'Direktiv REP ëmzesetzen?**

Dës Fro gouf am Kader vun der question parlementaire n°3492 vum 21. Januar 2026 beäntwert.

Lëtzebuerg, de 27. Februar 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit